N°1316
Entrée le 08.10.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 09.10.2024

Här Claude Wiseler
President vun der Chamber
Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 8. Oktober 2024

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Finanzminister an den Här Minister fir Wunnengsbau a Landesplanung weiderzeleeden.

An der Zeitung „Lëtzebuerger Wort" vum 14. September 2024 hat d'Gemeng Esch-Sauer eng Annonce, déi de Public iwwert d'Méiglechkeet informéiert huet, Bauterrainen an hirem neie Quartier „Schmitzgaart" zu Heischent kënnen ze kafen. E Joer virdrun, hat d'Gemeng Esch/Sauer schonn eng änlech Annonce an der Zeitung. De 27. Januar 2020 huet de Logementsministère iwwert den éischte Spuetestéch fir d'Infrastrukturaarbechte fir de Projet „Schmitzgaart" informéiert deen an Zesummenaarbecht tëschent der Gemeng zesumme mat der SNHBM sollt realiséiert ginn. An den Terrains-Verkafsconditiounen bestëmmt d'Gemeng beispillsweis d'Dauer an der ee spéiderhin a senger Immobilie muss wunnen ier een se, ouni eng Strof mussen ze bezuelen, erëm verkafen dierf. D'Konditioune reegelen zwar e spéidert Virkafsrecht fir d'Gemeng am Fall vun enger Vente, den nationale Konsens dierft jo awer dora bestoen ëffentlech Terrainen, déi am Bauperimeter leien, net méi an déi privat Vente ze ginn.

An deem Kontext, hätt ech vum Minister gär Äntwerten op follgend Froen:

- Ass de Minister a Kenntnis vu weidere Gemengen, déi hir Terrainen um private Marché verkafe fir Wunnengen ze bauen?
- Firwat sinn d'Terrainen net un en ëffentleche Promoteur, ewéi d'SNHBM oder de Fonds du Logement, verkaf ginn? Firwat huet d'SNHBM net de ganze Projet iwwerholl?
- Falls d'Gemeng net vun hirem Virkafsrecht gebrauch mécht, dierf de Verkeefer vun der Immobilie dës Wunneng dann erëm um private Marché weiderverkafen? Ass d'Regierung der Meenung, dass dat am Sënn vun der ëffentlecher Wunnengsbaustrategie ass?

Mat déiwem Respekt,

Dan Biancalana
Deputéierten

#ZESUMMEN
Groupe parlementaire du LSAP
34, rue du Marché-aux-Herbes
L-1728 Luxembourg
Tél: (+352) 22 59 14-1
Fax: (+352) 22 59 14-82
lsap@chd.lu
lsap.lu